## 19.01.1989 : Rendez-vous mat Schefferot a Guersing

Eng Delegatioun vun de Wiisser Leit hat e Rendez-vous mat dem Här Guersing a Vertrieder vum Schefferot (Buergermeeschter Roby Schmit a Scheffen Frank Zeimet).

De Schefferot erklärt sech bereet, d'Initiativ vum Här Guersing och finanziell ze ënnerstëtzen. Dobäi sollt net nëmmen d'Kapell baussen, mee och bannen restauréiert ginn.

---

## 28.04.1989 Rendez-vous mam Kondukter

De Sekretär vun de Wiisser Leit hat Rendez-vous mam Här Kondukter Neu fir iwwert d'Sécherheet an der Munneréfferstrooss ze schwätzen.

Konklusiounen :

1. u baulech Verännerungen ass an nächster Zukunft net ze denken, d'Strooss gouf eréischt erneiert.
2. onemstridden ass, dass de Verkéier an der Munnerëfferstrooss ze séier an ze geféierlech ass.
3. geplangt gëtt « sou bal wéi et méiglech ass », « vläicht » nach dëst Joer, d'Mëtt vun der Strooss em 75 cm zur Lothréngersäit hin ze verleeën a laanscht d'Haiser eng Sécherheetssträif vun 1,50 m anzezeechnen.

---

## 29.04.1985 Entrevue mam Minister Marcel Schlechter

E puer Membre vun hten Dag décidéiert.

---

## 29.04.1985 « Descente sur les lieux » am Weiherchen

Dee selwechten Owen déi zwee Projeten am beschte kënne realiséiert ginn.

---

## 05.10.1989 : Rendez-vous Kräizkapell

Mir kommen an der Gemeng Munneréff (F) zesummen mat deenen zwee Buergermeeschteren (Schmit a Wagner), dem Här Guersing an engem Vertrieder vum Syndicat d'initiative vu Munneréff/Moselle. Vun der Säit vun de Wiisser Leit waren de President Hein Gérard, de Sekretär Tremuth Fernand an de Gemengerot Stark Marcelly do.

Geklärt gouf haaptsächlech déi finanziell Regelung vun der Restauratioun vun der Kräizkapell zu Altwis.

---

## 13.10.1989 : Visite des lieux : Kräizkapell

Wéi de 5. Oktober ofgesprach hu mir eis op der Plaz afond, fir genau ze kucken, wat un der Kräizkapell soll geschéien.

Do waren : Här Wagner (Buergermeeschter), Här Guersing (Ex-Buergermeeschter), den Entrepreneur, de Vertrieder vum S.I. Munneräff/Moselle, de Gemengentechniker, den Här Leick Jos., President vum Wiisser Kiercherot, d'Marcelly Stark an den Tremuth Fernand als Vertrieder vun de Wiisser Leit.